N°1880
Entrée le 27.02.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Kontributioun vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1880 vum 3. Februar 2025 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Violences armées commises par des mineurs".**

**Fro 1: Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir d'Gewalt an de Waffen ënner Mannerjäregen anzedämmen? Fro 2 : Gëtt et Pläng fir eng besser Opklärung an de Schoulen iwwer d'Gefore vu Gewalt a Waffen?**

D'Ausso vum honorabelen Deputéierten, dass Gewalt a sexuellem Mëssbrauch duerch Mannerjäreger an de leschte Joren dramatesch zouhuelen, kann reaktivéiert gin opgrond vun den Zuelen

aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fron° 615 vum 15. Abrëll 2024, déi mat den Zuele vum Joer 2024 completéiert goufen.

Esou kann een iwwert déi 3 lescht Joer gekuckt keng Tendenz gesinn, datt Mannerjäereger méi oft als Täter oder potentiell Täter am Beräich "vols avec violence" identifizéiert goufen. D'Tendenz ass esouguer éischter ëmgedréint oder zumindest konstant.

| Infractioun<br>(% vun Mannerjäreger) | 2022 | 2023 | 2024 | Tendenz |
|---|---|---|---|---|
| Vols avec violence | 35.8% | 41.1% | 34.1% | ↘ |
| dont avec menace | 36.4% | 44.6% | 33.2% | ↘ |
| dont avec menace et arme | 32.9% | 17.8% | 40.4% | ↗ |
| Violences envers les personnes | 10.9% | 9.9% | 10.7% | → |
| Menaces | 11.5% | 11.4% | 8.4% | ↘ |

Am Tableau ass ze gesin, dass et bei der Enner-Kategorie "vols avec violence et arme" eng Hausse gëtt. Bei dëser handelt et sech allerdéngs ëm kleng Fallzuelen, déi eng statistesch Auswäertung schwiereg maachen. Déi kleng Unzuel mecht staark Schwankungen an der Statistik aus. 2024 waren et 23 Auteuren an dëser Enner-Kategorie, 13 Auteuren am Joer 2023 an 26 Auteuren am Joer 2022.

Et kann een also unhand vun dësen Zuele keng pauschal Ausso maachen.

De Programm "Gewaltpreventioun" vun der Police, deen an de Lycéeë vun de regionale Präventiounsservicer fir d'Schüler gehale gëtt, huet ee méi generellt Ziel a fokusséiert sech op Gefore vu psychescher a physescher Gewalt.De Gebrauch an d'Gefore vu Waffe generell ginn an deene Seancen thematiséiert fir ze sensibiliséieren.

Am Joer 2024 hunn d'Präventiounsservicer aus de 4 Regiounen insgesamt 540 Seancen (1104 Stonnen) an dem Beräich gehalen.

Op Demande kënnen déi regional Präventiounsservicer vun der Police och méi spezifeschen Demanden an dem Beräich nogoen, z.B. fir Jugendhaiser oder anere Jugendstrukturen, entweder reng präventiv oder nodeems et Virfäll goufen (Mobbing, Déifstall, Vandalismus,...).

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN